D'Maison du Diabète vun der Lëtzebuerger Diabetesassociatioun ALD asbl, ass eng Struktur, déi individuell Patientebetreiung souwéi e breede Programm vu Coursen an Informatiounen am Grupp ubitt.

Mir sichen en/eng

Chargé(e) de direction (m,f,d)

(Kollektiv-Vertrag SAS Carrière C7)

CDI 40 Stonne/Woch

D'Maison du Diabète huet eng Konventioun mam Gesondheetsministère, si ass net un e medezinesche Service oder Spidol gebonnen an ass en onofhängegen an neutralen Referenzzentrum fir Diabetes. Si ass och de Sëtz vun der Association Luxembourgeoise du Diabète ALD an der Société Luxembourgeoise de Diabétologie SLD.

Missiounen:

- Koordinatioun an d'Iwwerwaachung vum Berodungsservice fir d'Patienten
- Gestioun vum Personal a vum Budget vun der Maison du Diabète
- Encadrement vun de benevole Mataarbechter
- Koordinatioun an Organisatioun vun de Schoulungsprogrammen an Informatiouns- a Sensibiliséierungsaktioune vun der Maison du Diabète
- Coursen a Konferenzen fir Betraffener an d'Allgemengheet
- Zesummenaarbecht mat Generalisten a Spezialisten, Spideeler, Diabetes Klinicken an Heembetreiungsnetzwierker (Soins à domicile)
- Promotioun vun der Maison du Diabète a Kommunikatioun no baussen
- Representatioun vun der Maison du Diabète op nationalem an europäeschem Niveau

Profil:

- Bac+5 Formatioun an engem vun de folgende Beräicher: Medezin, Gesondheetsberuffer, Psychologie, Pedagogik, Soziologie, Sozial Kommunikatioun, ...
- Fäegkeet an der Leedung vun engem multidisziplinären Team (6-8 Leit)
- Verantwortung, Autonomie a Grëndlechkeet bei der Aarbecht
- Mënschlech a pedagogesch Kompetenzen an Equippegeescht
- Sproochkenntnisser: Lëtzebuergesch, Franséisch an Englesch, all aner Sprooch ass e Virdeel
- Gutt redaktionell an administrativ Kompetenzen a Liichtegkeet am ëffentleche Schwätzen
- Gutt informatesch Kenntnisser, Kenntnisser an Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien (Gestioun vun engem CMS) sinn e Virdeel

Nieft senger Ausbildung a Beruffserfarung wier et wënschenswäert, datt de Kandidat Wëssen am Beräich vum Diabetes hätt an, wann néideg, sech engagéiert eng Spezialisatioun an der Betreiung vu Persoune mat Diabetes ze maachen.

Fir weider Informatiounen, mellt Iech um Tel: 48 53 61

D'Kandidaturen (Motivatiounsbréif & CV) kënne bis spéitstens de **15. Juli 2022** geschéckt ginn un:

Association Luxembourgeoise du Diabète asbl
143, rue de Mühlenbach
L-2168 Luxembourg
oder per Mail un info@ald.lu
www.ald.lu